

Luxembourg, le 21 septembre 2015

## Bulletin de la rentrée

Léif Memberen, Kolleginnen a Kollegen,

Dat lescht Schouljoer war geprägt vun der Ausenanersetzung tëscht dem Unterrichtsminister an de Gewerkschaften. Déi Ausenanersetzung ass bekanntlech iwwert d'Conciliatioun bis an d'Mediatioun gaangen, wou sech d'Intersyndicale vun deenen 3 Gewerkschaften in extremis op e Kompromëss mam Minister Meisch eenegen konnte. Ee Kompromëss - par définition – ass eng Entscheidung, déi keng Säit wierklech zefridde stellt, mee et all Säit misst erlaben, domadder ze liewen.

Mir sollten eis awer näischt virmaachen. Alt nees eng kéier huet de Berufsstand vum Enseignant am Secondaire Plomme gelooss, wouriwwer och di punktuell Verbesserungen am leschten Accord net ewechtäusche kënnen.

Och ass de Match nach net gemaach. Et bleiwe fir dat kommend Joer eng Rëtsch Defien, déi aus dem Accord ervirginn an déi et resolut unzegoe gëllt.

- Sou ass d'FÉDUSE der Meenung, dass et méiglech ass, d'Schoulzäit op den Terminalesklassen em zwou Wochen ze verlängeren, bei engem gläichzäitege Bäibehale vun den aktuellen Délais de correction an den Diplomiwwereechungen Enn der éischer Juli-Woch. Wann dat geléngt sollt, wier de Coefficient correcteur fir d'Examensfächer vum Dësch ; fir déi Fächer op den Terminalesklassen, déi keng Examen z'encadréieren hunn, wier säin Impakt erhieflech reduzéiert. Net zulescht awer wieren zwou Woche méi Zäit, fir d'Schülerinnen a Schüler op hier Schlussexame virzubereeden.
- Wat d'Formation continue ugeet, déi elo op 48 Stonnen iwwert 3 Joer gehéicht gouf, sou wäert d'FÉDUSE di Responsabel um MENJE dozou unhalen, dass eng breed Offerte u qualitativen a sënnavollen Formatiounen a grousser Zuel ugebuede ginn. D'FÉDUSE kann all d'Enseignante just encouragéieren, fir iwwert hire SCHILW, iwwert d'Programmkommissiounen oder direkt iwwert den IFEN gezielt Formatiounen unzefroen, déi si wëllen a brauchen.
- An der Formation professionnelle gesäit d'FÉDUSE gutt Chance, fir an dem Aarbechtsgrupp iwwert de coefficient correcteur an den Ausriichtungen DT an DAP di gutt a supplementär Aarbecht vun de Kolleginnen a Kollegen ze valoriséieren an doduercher den Impakt vum Coefficient correcteur ze reduzéieren.
- Letztendlech wäert d'FÉDUSE an dem nei ze schafene Comité permanent hier Verantwortung iwwerhuelen an net zécken, Verännerungen ze froen an ze proposéieren, wou sech aktuell Bestëmmungen als ondrobar erausstelle sollten.

D'FÉDUSE geet dervun aus, dass dës Punkten di dräi Gewerkschaften an der Intersyndicale engagéieren an invitéiert dofir d'Kollege vun APESS an SEW, fir op dem konstruktive Wee vun deene leschte Méint weiderzegoen.

-----

Iwwert d'Modalitéite vum Juli-Accord eraus ass d'FÉDUSE awer och determinéiert, den duerch de Litige bedéngte syndikalistesche Stéllstand vum leschte Joer konstruktiv z'iwwerwannen. Dofir wäert d'FÉDUSE sech op zentral Revendicatioune vun der Basis besënnen, fir notamment

- Verbesserung vum den Aarbechskonditiounen um Niveau vun der Unerkennung vun den Iwwerstonnen ze erreechen an
- d'Bild vum Enseignant an der opinion publique resolut an ee positivt Bild ze setzen.

Wann eise Beruff soll eng Zukunft hunn, déi op der Héicht vun den Erausforderunge vun der Zäit un eis Gesellschaft an eis Kanner soll sinn, da fannen och mir, dass et elo dréms geet, Zukunft net nëmmen ze schwätzen, mee och ze gestalten.

Mat beschte syndikalistesche Gréiss

De Comité vunn der FÉDUSE/Enseignement-CGFP